N° 7092
Entrée le 22.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministerin fir d'Justiz, op d'parlamentaresch Fro n°7092 vum 27. Oktober 2022 vun den honorablen Deputéierten Här Sven CLEMENT an Här Marc GOERGEN**

1) Laut Artikel 2, Paragraf 1, Punkt 11 vum ofgeännerten Gesetz vum 12. November 2004 iwwer den Anti-blanchiment (*loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme*) ënnerleien d'Notairen dem Titel I vun dësem Gesetz.

Den Titel I gesäit eng Rei Obligatioune vir, déi d'Notaire musse respektéieren: O*bligations de vigilance à l'égard de la clientèle* (Artikelen 3, 3-1, 3-2 an 3-3), *Obligations d'organisation interne adéquate* (Artikel 4), *Obligations de coopération avec la Cellule de renseignement financier, les autorités et les organismes d'autorégulation* (Artikel 5).

Wann en Notaire e Verdacht huet, datt e Fall vu Blanchiment virläit, muss hien d'Cellule de renseignement financier (CRF) doriwwer informéieren : « *(…) les professionnels (…) sont tenus (…) d'informer sans délai, de leur propre initiative la cellule de renseignement financier lorsqu'ils savent, soupçonnent ou ont des motifs raisonnables de soupçonner qu'un blanchiment, une infraction sous-jacente associée ou un financement du terrorisme est en cours, a eu lieu, ou a été tenté, notamment en raison de la personne concernée, de son évolution, de l'origine des avoirs, de la nature, de la finalité ou des modalités de l'opération. »* (Artikel 5, Paragraf 1, Punkt a) vum ofgeännerte Gesetz vum 12. November 2004). Dat selwecht gëllt och beim Verdacht vun enger Terrorismus Finanzéierung (Artikel 5, Paragraf 1bis). Esou laang keng Verdachtsmeldung bei der CRF gemaach ginn ass, däerf den Notaire d'Transaktioun net duerchféieren. Wann d'CRF d'Verdachtsmeldung bis kritt huet, kann si dem Professionellen d'Instructioun ginn d'Operatioun net duerch ze féieren (Artikel 5, Paragraf 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 12. November 2004).

2) D'Chambre des Notaires huet ons matgedeelt, datt den Notaire d'Parteien iwwer déi méiglech steierrechtlech an strofrechtlech Konsequenzen informéiert, wann eng Immobilie ënnert dem Maartpräis verkaf gëtt. Dat sinn zum Beispill d'Strofen, déi an der *loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession* virgesinn ginn (Artikelen 1 bis 4 an Artikel 29). Den Notaire freet d'Parteien no dem Grond fir den niddregen Präis (zum Beispill de schlechten Zoustand vun der Immobilie). Wann d'Parteien bei dem Präis bleiwen, weist den Notaire si drop hin, datt d'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA si kann convoquéieren an de Präis reevaluéieren fir d'*droits d'enregistrement* festzeleeën.

Wann den Notaire de Verdacht huet, datt eng Strofdot virläit, déi ënnert den Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 12. November 2004 iwwer den Anti-blanchiment fält, applizéieren sech d'Reegelen, déi am Punkt 1 opgefouert sinn.

Lëtzebuerg, den 22. November 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson